



ABRËLL 2015 N° 39



FËSCHBER
GEMENGEBLAT

Layout: Ren Spautz

Redaktiouen: Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mataarbechter: Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Chantal Conrad, Laetitia Dieterlen, Laurence Malget, Abbes Scholtes, Luss Brosius, Jean-Marie Pütz, Marie-Louise Haas-Erpelding, Romain Buschmann, Paul Provost, Ralph Hermes, Jerry Mutsch, Danielle Raach, Claude Malget

Drock:

Faber-Print-services & solutions, Miersch

Seite 1: Foto, Ren Spautz

Seite 2: Virwuet

Seite 3: Stär vu Bethlehem

Seite 4: Liichtmëssdag

Seite 5: Liichtmëssdag

Seite 6: Liichtmëssdag

Seite 7: PacteClimat

Seite 8: Réception 2015

Seite 9: Réception 2015

2

Seite 10: Olivier Molitor

Seite 11: Olivier Molitor

Seite 12: Fettendonnechdeg

Seite 13: Hexebal

Seite 14: Kannerfuesbal

Seite 15: Kannerfuesbal

Seie 16: Antarktika

Seit 17: Antartika

Seite 18: Hobby-Säit

Seite 19: Hobby-Säit

Seite 20: Buergbrennen

Seite 21: Buergbrennen

Seite 22: Buergbrennen

Seite 23: Seniorefeier

Seite 24: Generalversammlung Choralen

Seite 25: Gemengerotssätzungen

Seite 26: Gemengerotssätzungen

Seite 27: Gemengerotssätzungen

Seite 28: Projet : Maison Relais et Cycle 1

Seite 29: Projet : Maison Relais et Cycle 1

Seite 30: Projet : Maison Relais et Cycle 1

Seite 31:

Seite 32:

Redaktiouunsschluss Blat 40: 3. August 2015

VIRWUERT

Mir kënnt et vir, wéi wann d'Joer 2015 eréischt ugefangen hätt, an dach si schonn d'Ouschteren passéiert an de Summer steet virunder Dir.

Fir dass Dir lech alleguer e Bild kënnt maachen, wéi weit de Projet vum Neibau vun eiser Maison relais a vum Ausbau vun eiser Grondschoul fortgeschratt ass, presentéieren mir lech an dësem Blat eng kuerz Zesummefaaßung . Dat erlaabt eis et och lech déi néideg Aarbechtsschrëtt duerzeleeën an d'Zäitschinn ze weisen.

Ausserdeem wollt ech en Appell lancéieren, fir eng Persoun ze fannen, di sech well hierginn fir an eisem regionalen Office social matzeschaffen.

Dat ass eng bénévol Aufgab, déi en zäitlechen Engagement vun ongefëier 4 Stonnen pro Mount verlaangt.

Emol am Mount ass owes eng Versammlung, wou déi néideg Décisiounen geholl ginn.

Déi Persoun, déi an deem Gremium eis Gemeng wäert representéieren, soll sech fir Sozialpolitik interesséieren, absolut diskret sinn an sech fir d'Bierger a Biergerinnen an hir Problemer asetzen, ouni se ze bewäerten.

Weider Info'en kennt Dir op der Gemeng kréien.

Mat fréndleche Gréiss

Marianne Brosius-Kolber



Feschber Gemengeblat

De Stär vu Bethlehem

Während der Weihnachtsmesse 2014 in der Kirche in Fischbach wurde diesmal ein Sternenspiel gezeigt. Ein schönes Stück, das in einem Großteil der Kirche von den Kindern gespielt wurde. Unter der Leitung von Chantal Conrad und Nicole Reding übten die Kinder mit Begeisterung ihren Text und die dazugehörigen Lieder ein. Musikalisch wurden sie von Anne Karier und Conny Simon begleitet.

Et hunn aerdeg geprouft:

Anne Karier, Andrée Daems, Carolina Dos Santos Sampaio, Chantal Conrad, Cindy Fernandes, Conny Simon, David Damgé, Emma Konsbrück, Emma Reding, Félix Kolber, Florence Conrad, Francisco Correia da Silva, Isabel Fernandes, Julie Daems, Mara Reding, Marie Kolber, Mike Weyrich, Nicole Reding a Véronika Ferreira Magalhães

An aisem Szenespill sichen zwee kleng Stären, déi vum Himmel op d'Aërd gefall sinn, de grousse Stär vu Bethlehem.

Op hierem Wee begéinen sie allerhand Stären, déi naischt vum Stär vu Bethlehem wëssen. Et sinn dëst e Séistär, 3 Stären vun engem dichtegen Hotel an e Weihnachtsstär. Se léiren awer och nach e Stärekichelchen, e Stär vum Dännebam an en Aiskristall kennen. De Mike, deen déi zwee kleng Stären fënnt, hëllt se mat an d'Kierch a leet se bei d'Krëppchen, wou se de Stär vu Bethlehem endlech fannen.

Text: Chantal Conrad, Andrea Wagner / Foto: Andrea Wagner

3



Liichtmëssdag

An der Daischtert mat engem flotte Lampion duerch d'Duerf sangen goen, Séissegkeeten sammlen an e Su fir an d'Spuerschwain, domadder verbannen d'Kanner de schéine Brauch vum Liichtegoen.

D'Préparativen fir dës Traditioun fänken schons e puer Wochen virdrunn an der Schoul un. Mat vill Phantasie gëtt mol fir d'éischt eng schéi Lanter gebastelt. Wann d'Aarbecht gemat ass gëllt et nach de Lampion fir de groussen Owend prett ze maan. Et muss e Lichtebeengelchen hier an éventuell nach eng duerchsiichteg Tuut iwwert de Lampion, fir datt déi schéi Bastelaarbecht nüt no puer Schnéiflacken oder Reendrépsen an zevill Wand futtigeet. No e puer Explicatiounen iwwert d'Liichten gëtt nach zu gudder Lescht d'Lidd ageprouft a spéidsdens dann mierkt een, datt d'Liichtegoen net iwwerall zelwecht ofleeft

Et fänkt schons mam Lidd un, hei an der Gemeng gëtt dat schéint Lidd: *Mir Kanner komme liichten gesongen*, dat, de fréieren Mierscher Dechen Ferdy Fischer hei agefouert sollt hunn. An aaneren Géigenden vum Land gëtt d'Lidd : *Léiwer Härgottsblieschen* gesongen, wou am Text de Blasius ernimmt gëtt, deen Hellegen also, dee fir eng gutt Gesonndheet zoustänneg soll sinn.

Léiwer Härgottsblieschen

*Léiwer Härgottsblieschen,
Gitt ons Speck an Ierbessen
Ee Pond, zwee Pond,
Dat anert Joer da gitt der gesond,
Da gitt der gesond.

Loosst déi jonk Leit liewen
an dei Al derniewen)
Kommt der net bal,
D'Féiss ginn ons kal.
Kommt Der net gläich,
Da gi mer op d'Schläich.
Kommt der net geschwënn,
D'Féiss ginn ons dënn.
Kommt Der net gewëss,
Da kritt Der e Schouss voll Nëss.*

Mir Kanner komme liichten

*Mir Kanner komme liichten
mir gi vun Haus zu Haus.
Fir Freed a Liicht ze bréngen,
jo dofir zéie mir aus.
Den Härgott soll iech seenen,
't ass eise gréisste Wonsch.
Den Härgott soll eis seenen,
't ass eise gréisste Wonsch.*

4

Zu Feschbech, Angelsbierg a Schous ass et esou, datt d'Kanner sech a Gruppen zesummen op de Wee maachen. Fir d'Organisatioun sinn d'Kanner aus dem Cycle 4.2 (6. Schouljoer) zesummen mat hieren Kollegen aus dem Cycle 4.1 (5.Schouljoer) responsabel. Bei dëser Geleeënheet sinn sie d'Chefen a sollen léiren eppes selwer ze plangen a Verantwortung z'iwwerhuefen. Ennerstëtzzt ginn si dobai vun hiere Léierpersounen, déi sie op hier Charge préparéieren an awer och vun hieren Elteren, déi hinnen den Dag selwer zur Sait solle stoen. Sief dat bei der Opisicht vun all de Kanner , dem Préparéiren vu Schocki a Kuch an/oder beim Verdeelen vun de Séissegkeeten an de Suen. D'Gemeng suergt hierersaits dofir, datt d'Automobilisten mat Panneauen op d'Kanner opmierksam gemat ginn.

Dës Activitéit bedeit fir d'Kanner vum Cycle 4 schons vill Aarbecht an Organisatioun. Sie müssen en Informatiounsziel fir d'Elteren ausdeelen. Liichtmëssdag selwer sollen se dofir suergen, datt all Kand seng Enveloppe fir d'Suen ofgëtt , seng Saachen (Lampion, Becher, Tuut, Warnveste etc) dobai huet a sech bei de Leit an op der Strooss un d'Regelen hällt. Duerno heescht et nach gerecht deelen an de Sall wou gedeelt gëtt, propper a geraumt ze hannerloossen. Dat ass net évident wann ee weess datt d'Chefen nämmen zu e puer sinn an et awer ganz vill Kanner sinn fir déi sie deen Dag am Asaatz sinn.



An de leschten Joren konnt ee mierken, datt émmer méi Kanner énnerwee sinn. D'Kanner si wibbeleg , d'Stroossen si geféierlech an et ass net einfach fir dee klenge Grapp vu Jonkern ,déis téscht 11 an 12 Joér aal sinn, allegueren déi méi kleng Kanner am Aa ze hunn.

Fir datt dës Traditioun awer a gudden Erënnerung erhaalen bleift ass et wichtig, déi Jonk Liichtmëssdag net mat däer grousser Verantwortung eleng ze loessen. Et wier schéin wann aaner Elteren eng Hand mat upaacken géifen. Wa se gesinn, datt Nout um Mann oder un der Fra ass kéinten se zum Beispill e Grupp begleeden, e Kuch baucken oder beim Verdeelen héllegen.

Fettendoneschdeg, dat ass den Donneschdeg virun der Fuesend. An Daitschland gëtt deen Dag énnert Aanerem "Altweiberfastnacht" genannt an a Frankraich schwätzen se *vum jeudi gras*. Nët iwverall am Land maachen d'Fuesendboken sech deen Dag op de Wee . A verschiddenen Géigenden ginn d'Kanner entweder liichten oder juste Fettendoneschdeg op den Tour. An aiser Gemeng awer profitéieren d'Kanner vun den zwou "Wantertraditiounen" fir hier Schokelasréserven opzefällen.

Fir d'Kanner leeft de Fettendoneschdeg ähnlech wéi Liichtmëssdag of. D'Kanner vum cycle 4 invitéieren hier Schoulfrënn sech ze verkleeden a sech zesummen mat hinnen op de Wee duerch Duerf ze maan. Gesongen gëtt dat traditionellt Lidd: *Hei kommen d' Angsber/Schéisser/Feschbecher Kanner.....*wat se an der Schoul virdrunn üben. Goufen fréier nach lesswueren fir ze Baacken gesammelt, sou sinn et hautdesdags éischter Séissegeeten a Suen, déi d' Awunner hinnen mat op de Wee ginn.

Fettendoneschdeg versammlen d'Kanner sech op enger zentraler Plaatz, ginn a Gruppen agedeelt, ginn hieren Tour an duerno gëtt da gedeelt.

Och deen Dag sinn d'Chefen bestëmmt fir all Ennerstëtzung dankbar fir datt et och fir sie e flotten Nomëttag bleibt.

Hei kommen déi (Schéisser/Feschber/Angsber) Kanner , d'(Héicht/de Bierg) eragesprongen,

Sie heesche Biren a Bongen,

Bongen dat ass eng gutt Speis,

Gecken a Naare si net weis.

De Péitrus ass en hellje Mann,
deen den Himmel schléisse kann.

Stellt déi Leeder an déi Wand,
huelt dat Messer an déi Hand.

Schneid en (décke)fette Gréiw erof,
a wa mir en iessen,
da wäerte mir ärer net vergiessen.

5

Text: Chantal Conrad

Fotoen: Laetitia Dieterlen, Laurence Malget, Abbes Scholtes

Foto-Fortsetzung op Säit 6

Feschbech

Foto: Abbes Scholtes



Feschber Gemengeblat

6



Feschber Gemengeblat

Pacte Climat

Ma commune s'engage pour le climat

Wie kann man Energie sparen?

Hier einige kurze, einfache und praktische Ratschläge.



- Kauf einer Waschmaschine oder andere Haushaltsgeräte? Folgen Sie dem Energie-Label! Wählen Sie die Geräte mit der besten Energieeffizienz (A, A+, A++ +).
- Welches Gerät soll ich kaufen? Sie finden auf www.oekoptothen.lu eine Liste der energieeffizientesten Haushaltsgeräte.
- Ihre Gemeinde ermutigt Sie mit kommunalen Beihilfen. Profitieren Sie davon!



- Dämmen Sie die Gebäudehülle Ihres Hauses (Dach, Fenster, Wände, Keller, Fassade)
- Sie können Ihren Heizenergieverbrauch bis zu 80% reduzieren und gleichzeitig den Wert Ihrer Immobilie steigern.
- Der Staat unterstützt die Einzelmaßnahmen an der Gebäudehülle mit finanziellen Beihilfen Prime House. Je höher die Effizienz, umso höher der Förderbetrag.



- Die Sonne liefert uns jeden Tag saubere und kostenlose Energie. Nutzen Sie diese Energie mit Hilfe von Solarkollektoren.
- Thermische Solarkollektoren mit einer Fläche von 4-5 m² decken etwa 60% der Warmwasserbedürfnisse einer 4-köpfigen Familie.
- Ein Großteil der Installationskosten werden durch die staatlichen Beihilfen Prime House abgedeckt.



- Nutzen Sie die Möglichkeit Regenwasser zu sammeln. Es ist kostenlos und enthält keinen Kalk, schont also Ihre Wäsche, Ihre Waschmaschine und die Sanitäranlagen.
- Der durchschnittliche jährliche Haushaltsbedarf an Wasser (ohne Behandlung) wird von Spezialisten wie folgt angesetzt: WC 8.000 Liter/Person, Waschmaschine 3.700 Liter/Person, Reinigung 800 Liter/Person, 60 Liter/m² Garten (Quelle: www.lamaisonnature.ch)
- Kommen Sie in den Genuss einer finanziellen Unterstützung von maximal 1.000 €, erhältlich unter bestimmten Bedingungen: www.eau.public.lu/eaux_usees_pluviale



- Abfallreduzierung ist möglich durch einfache Gesten im Alltag.
- Sortieren Sie Ihre Abfälle. Vorträge, Schulungen und Seminare zum Thema Abfallvermeidung und nachhaltigem Konsum finden regelmäßig im SuperDrecksKëscht-Center statt.
- Kaufen Sie nur was Sie brauchen, vermeiden Sie Abfall und sparen Sie Geld.
- Kaufen Sie Mehrweg-Produkte, wiederverwendbare oder mit längerer Lebensdauer.
- Kompostieren Sie Ihre Garten- und Küchenabfälle.

Comment économiser ?

Voici quelques petits conseils simples et pratiques.

- Achat d'un lave-linge ou autre électro-ménager ? Suivez l'étiquette-énergie ! Choisissez des appareils électroménagers ayant la meilleure efficacité d'énergie (A, A++, A+++).
- Quel appareil choisir ? Consultez sur www.oekoptothen.lu la liste des meilleurs appareils qui vous guidera dans vos achats.

- Isolez l'enveloppe thermique de votre maison (toit, fenêtres, murs, cave, façade)
- Vous pourriez réduire jusqu'à 80 % votre consommation de chauffage et valoriser votre patrimoine.
- L'Etat vous encourage grâce aux aides étatiques Prime House. Plus le standard de performance sera élevé, plus le montant de la subvention sera élevé.

- Utilisez l'énergie solaire. Elle est gratuite et propre.
- Des panneaux solaires thermiques d'une surface de 4-5 m² couvrent environ 60% des besoins en eau chaude sanitaire d'une famille de 4 personnes.
- Une grande partie des frais d'installation sont couverts grâce aux aides étatiques Prime House.

- Récupérez l'eau de pluie gratuite, qui plus est ne contient pas de calcaire et n'abîme donc ni le linge, ni le lave-linge, ni les installations sanitaires.
- Pour calculer ses besoins en eau (sans traitement), les professionnels donnent les chiffres annuels suivants: WC 8.000 l/personne; lave-linge 3.700 l/personne - nettoyages 800 l/personne; jardin 60 l par m² [Source: www.lamaisonnature.ch]
- Profitez d'une aide financière de 1.000 € max. Prime soumise à certaines conditions: www.eau.public.lu/eaux_usees_pluviale

- Réduire ses déchets c'est possible ! En appliquant quelques gestes simples.
- Triez vos déchets. Des formations pour la prévention des déchets et la consommation de produits durables ont régulièrement lieu dans le centre de la SuperDrecksKëscht®.
- Réduisez le gaspillage, réalisez des économies et n'achetez que ce dont vous avez besoin.
- Achetez des produits rechargeables, réutilisables ou à plus longue durée de vie.
- Compostez vos déchets de cuisine et de jardin.



Réception



8

Aus der „Soirée amicale“ ass eng „Réception 2015“ ginn, wat der frëndschaflecher Athmosphäre awer keen Ofbroch gemach huet.

Buergermeeschtech, d'Marianne Brosius-Kolber huet déi vill Uwiesend, énnert hinnen de Parlamentarier Claude Adam, op d'häerzlechst begréisst.

Si ass nach emol kuerz op de Fusions-Referendum an hirer Usproch agaang, éier si op déi schlëmm Evenementer rondrëm d'Attack op Charlie Hebdo zu Paräis agaang ass an ém eng Gedenkminut fir d'Affer vun deem schlëmmen Attentat gebieden huet.

Duerno huet si de Carlo Brosius geéiert, dee seng verdéngte Pensioun ugetrueden huet an awer och de Gemengsekretär ass fir 20 Joer loyal Déngschter fir eis Gemeng geéiert ginn.

No deem offiziellen Deel huet de Ben Weber mat guddem Lëtzebuerger Kascht déi ageluede Gäscht bei Laun gehaal an et ass bis laang no Mëtternuecht gefeiert an diskutéiert ginn.



Text: Ren Spautz & Fotoen: Paul Provost



Fëschber Gemengeblat

oun 2015



9



Feschber Gemengeblat

140 nei Wunnengen

Olivier Molitor

Am Laf vun deene leschten 10 Méint, hu mer queesch duerch d'Revéier verdeelt, 140 nei Wunnéngen opgehaangen: 100 Näschter fir d'Fénsterschmuwel, 4 Këschte fir de Kréchel, 6 Niströhren fir de Steekauz, an 30 Këschte fir d'Flantermais. Vill vun deenen Déieren hunn et émmer méi schwéier dat néidegt Material, respektiv eng gëeegent Plaz ze fanne fir hiren Nowuess oppezéien.

Wann nach virun net allzelaanger Zäit an all Duerf op all Kräizung, all Kéier asw irgendwou e Pull matt Bulli a Waasser dra stoung, ass hautdesdaags alles mat Beton, Macadam, Paveesteng, asw. versigelt, an d'Schmuwel hinn et schwéier nach gutt Bausubstanz ze fanne fir hir Näschter ze flécken respektiv neier ze bauen. Al Gebaier, wou nach Näschter dru sinn, ginn zum Deel ofgerappt, an op deenen neie Gebaier sinn déi gefiedert Geselle leider dack net mei geduld.

Wa soss nach an ale Gebaier iwerall e klenge Sputt wor, wou d'Flantermais konnten erakrabbelen, sinn déi nei Gebaier dack hermetesch zou, a just alt emol énnert enger Rolluedekëscht ass nach e bessi Plaz.

Dei al Bongerte sinn zum Deel zerfall oder si virun e puer Jorzéngten ewech gemeet ginn, an de Steekauz huet et schwéier eng gëeegent Hiel ze fannen.

10

D'Resonanz bei deene Leit, dei ech gefrot hu fir dierfen där Näschter opzehänken, wor riseg, a bal jiddereen huet ouni ze zécken agewöllegt, sou datt ganz séier genuch Plaze fonnt worn, fir déi jeeweileg Wunnéngen opzehänken. Déi éischt vun hinne sinn och scho verlount a bezu ginn.

Ech soen am Numm vun deenen neie Locatären e grousse Merci fir déi spontan Hëllef.



Fëschber Gemengeblat



Fettendonnneschdeg



12

Schous

Foto: Laetitia Dieterlen



Feschber Gemengeblat



Kanner*



fuesbal



15

Fotoen:
Danielle Raach,
Jean-Marie Pütz

D'Angsber Schoul war

Eis Rees huet scho laang virum Fest ugefaang. All d'Klasse vun der Angsber Schoul hunn a verschidde-nen Unterrichtsfächer um Thema Antarktis geschafft, sief et am Bastelen a Molen, am Sangen, am Turnen, an der Geografie, der Geschicht oder och am Sproochenunterricht. De Schoulprojet huet sech op déi Aart a Weis lues zum Héichpunkt entwéckelt: eist 6. Kontinentfest hu mir ANTARKTIKA genannt a freides, de 6. Februar 2015 war et du sou wäit.

D'Wieder huet sech passend zum Thema vum Fest rausgefiizt, och wann de Schnéi net méi ganz fréisch war, d'Temperatur a virun allem de Wand hate sech extra fir deen Dag een antarktesche Mäntelchen ugedoen! Rondrëm d'Verkaafsbuden, an deenen eis 4 Cyclen hir Bastelsaachen ugebueden hunn, huet et stramm geblossen an eis Feierplaze konnten de Besuch net richteg wiermen.

Eis Kolleege vun der Maison Relais hunn iwwerdeems e puer flott Aktivitéité fir d'Kanner am Pomjeeessall ugebueden. No der Kaffisstuff am grousse Sall vum Veräinshaus sollt dunn de Schoulkanner hir Bühneviirstellung ugoen, an dat wéi gewinnt mam Amarsch queesch duerch de flott dekoréierte Sall, deen natíirlech gutt geféllt war.


Bal annerhallef Stonn hunn eis Schüler de Publikum matgeholl op ee frieme Kontinent. Vum Cycle 1 bis Cycle 4 hu si op vill verschidden Aart a Weisen d'Antarktis beschriwwen an erzielt, mat Lidder, mat Dänz, mat Geschichten a mat Informatiounen. Vun der Uspanung an der Opreegung hannert der Bühn huet den opmierksame Besuch natíirlech net vill matkritt, mee dat gehéiert och zu sou engem Fest. Am Zelt hannert der Bühn konnt déi Klass, déi als nächst un der Rei war, de Bühneprogramm live um Ecran verfollegen a sech da prett hale fir hiren Opträtt.

Eise Programm schéint de Leit gutt gefall ze hunn, wéi mir dono sou héiren hunn. An och d'Léierpersoune waren dono déck zefridden a frou, well eis Schüler sech gutt préparéiert haten an eng flott Virstellung gewisen hunn. 140 Schoulkanner hunn zum Schluss nach zwee stëmmungsvoll Lidder gesong a si kruten de verdingte Merci vun eise ville Gäscht matgedeelt.

Du goung et op de Kascht! Wien net scho virdrun ee Fësch- oder Crevettebréitche krut, huet sech lo ee Menü mat Fësch oder mat Leidléngerwuppe besuergt. Op der Menüskaart stungen och Fëschzopp, Veggy-Sticks oder waarme Wäin, sou dass jiddereen dee wollt, op seng Käschte komm ass.
Zum Schluss huet dunn de President vum Schoulkomitee all de Schoulkanner gratuléiert an de ville Leit Merci gesot, déi un der Organisatioun vun eisem Kontinentfest an iergendenger Form gehollef hunn. Den Erléis vun deem Owend gëtt zur Halschent benotzt fir de Schoulklassen hiren Ausfluch oder hir Kolonie matzfinanzéieren. Déi aner Halschent kréien d'Kanner vun 2 Familien, déi als Demandeurs d'asile bei eis an der Gemeng wunnen.


Et war een eemolegt a flott Fest, dat eis trotz der viller Aarbecht, alleguer vill Spaass a Satisfaktioun bruecht huet. Et huet eis awer och neess all méi no bruecht a mir konnten duerch eist ANTARKTIKA-Fest neess eng Kéier d'Zesummeliewe vun alle Schoulpartner sou richteg spiiren.

an der Antarktis



Hobby-Säit

Tania Brosius-Schiltz
Schous



18

A colorful cartoon-style illustration. On the left, a purple bear with a red heart on its chest looks towards a clothesline. On the clothesline, there are several items: a blue t-shirt with a yellow star, a green and orange pants-like item, and a small purple garment. To the right, a woman with blonde hair tied back in a ponytail is sitting at a sewing machine, working on a purple fabric with white stars. She has a determined expression. The background is white with scattered purple and blue stars. The text "HANDMADE BY Bitzmami" is written in a stylized font, with a small purple owl character next to the word "Bitzmami". Below the owl is the website "Bitzmami.blogspot.com". To the right of the woman is the text "www.facebook.com/Bitzmami".

Tania Brosius ass ausgebilden Infirmière, huet vun 2004 bis 2014 an deem Beruf geschafft, fir d'éischt bei Soins à Domicile an duerno um Ministère de la Santé. Mä hat ass och Mamm vun 3 Bouwen, eppes wat haut dës Dags net einfach énnert een Hut ze bréngen ass, Beruf a Mamm sinn.

Doweenst, an aus verschidddenen aanere Grënn, huet hat sech entschloss ee „Congé sans solde“ ze huelen, an datt fir déi nächst 15 Joer, fir esou seng 3 Bouwen adäquat an hiert Liewen ze begleeden. Datt bedeit fir hat a säi Mann, manner Stress a fir d'Kanner, d'Méiglechkeet an enger familiärer Ambiance grouss ze ginn.

Tania huet awer och, bedéngt duerch säin „Congé sans solde“, elo besser Zäit fir sengem Hobby no ze goen, nämlech dem Bitzen. Et war am Joer 2010, wéi hat de Spaass um Bitzen bei sech entdeckt huet, ufänglech einfach esou drop lass gebitzt, awer erkannt datt een sech och do kann era schaffen. Et ass ee Bitzcour absolvéiert ginn, deen him awer net vill bruecht huet, esou datt hat no zwou Coursstonnen domadder opgehaal huet. Tania huet ugefaang Bitz-Literatur ze wälzen oder et huet sech am Internet schlau gemach, esou datt ee ka behaapten, datt hat een „Autodidakt“ oder „Learning by doing“ am Bitzen ass, nom Motto: Wat ech mir selwer bäibréngen, bleiwt ee Liewe laang erhaalen.



Fëschber Gemengeblat



Haut besteet seng Bitzausrüstung aus enger Bitzmaschin, Overlock, Coverlock, enger Stéckmaschin, engem Plotter an enger Press. Fir déi, déi esou vill Ahnung hu vum Bitzen ewéi de Schreiwer vun dësen Zeilen, hei d'Erklärung zu deenen Begréffer, déi net einfach ze verstoe sinn. D'Overlock, verbitzt a schneid of, d'Coverlock seemt, d'Stéckmaschin brodéiert, mam Plotter gi Sticker entworf a mat der Press op d'Stoff gedréckt. Och ass hat Besëtzer vun 3 alen, antiquen Bitzmaschinen, déi hat haut nach èmmer geleeëntlech benotzt.

Wéi gesot, et ass säin Hobby. Hat bitzt virrange fir seng Famill, wiert sech awer net dagéint fir Frénn a Bekannter ze bitzen. Duerfir huet Tania e Blog (Bitzmami.blogspot.com) opgemach an benotzt och Facebook (www.facebook.com/Bitzmami) fir senge Bekannten seng Aarbechten no ze bréngen. Donieft geet Tania eemol am Joer op en Hobbymaart. Souwiesou ass mam Hobbybitzen, kee groust Geld ze verdéngen, ass de Präis vum Stoff an deene leschte 5 Joer dach explodéiert.

Egal, de Spaas beim Bitzen huet fir Tania höchste Prioritéit, et ass a bleiwt een Hobby, niewend senger Famill.

Text: Ren Spautz & Fotoen: Famill Brosius-Schiltz

19





Buergsonndeg

Fëschbech

Fotoen: Jerry Mutsch & Faber



Buergsonndeg

Schous

Foto:

20



Buergsonndeg

Angelsbierg

Foto: Ralph Hermes



Seniorefeier

Den 1. Mäerz 2015 huet de Senioreverän Gemeng Fëschbech seng 10. Generalversammlung am Veräinshaus "op der Héicht" ofgehalen.

D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding konnt 60 Membere begréissen, énner anerem och Mme Simone Majerus, Schäffin aus eiser Gemeng.

Énner der Leedung vun der Mme Josette Buschmann hunn eis jonk gebliewen Seniorinnen e puer flott Dänz opgefouert.

Duerno bei Kaffi a Bond, ass eis flott Tombola ausgespillt ginn. Nach eng Kéier e grosse Merci un eis Sponsoren a bis d'nächst Joer.

De neie Komitee:

Presidentin: Marie-Louise Haas

Vizepräsident: Jang Bück

Sekretärin: Marie-Anne Kauffmann

Kasséierin: Sylvie Spiewak

Member: Monique Flammang, Astrid Kirsch, Marcel Kirsch.

23



Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Romain Buschmann



Feschber Gemeindeblatt

Generalversammlung Choral Fëschbech & Angsber

Den 28. Februar hunn d'Chorale St-Grégoire vu Fëschbëch an den Angsber Gesangveräin a Präsenz vun der Madame Buergermeeschtech Marianne Brosius-Kolber an dem Abbé Pierre Habarurema hier gemeinsam Generalversammlung ofgehalen.

D'Versammlung gouf vum Hubert Lanckohr, President vum Fëschber Kierchechouer opgemat, duerno gouf an enger Gedenkminutt un den Abbé Pit Reuter geduecht, dee laang Joren d'Geschécker vun de Paren geleet huet. Aus den zwee Activitéitsrapporten goung erfir, datt et e chargéiert Joërl fir béis Veräiner wor. 17 mol gouf zesummen mat der Mierscher Chorale a Musék fir de grousse Concert „Missa Katharina“ am Maërz geprouft. No der Schoulrentrée hunn d'Prouwen fir den Adventsconcert zesummen mat der Chorale vu Lëntgen an dem Gesangsgrupp vun der Noumer Gemeng ugefaangen. Aaner Activitéiten, nierft dem Sangen vun den Dingschter an den zwou Poren, waren d'Matgestalten vun der Octavesmass an der Kathedral an dat traditionellt Porfest zu Schous. An der Summervakanz hu béis Veräiner e verlängerte Weekend am Schwarzwald verbruecht.

D'Madame Buergermeeschtech huet an hierer kuerzer Usproch de Veräiner fir hier vill Activitéiten félicitéiert an ass op d'Changemerter agaangen, déi am Kader vun der neier Conventioun téscht Staat a Kierch op d'Pargemeinschaft duerkommen. Vill Détailler konnt sie net ginn, well d'Reuniounen vum Gemengesyndikat „Sylvicul“, wou d'Schäffen-a Gemengeréit informéiert solle ginn nach ausstinn.

Fir besonnesch Verdingschter goufen 3 Memberen vun der Angsber Chorale geéiert. De John Daems fir 35 Joërl Dirigent, de Claude Malget fir 30 Joërl Caissier an de Lex Kugener fir 25 Joërl President. Vu Saiten vum Veräin gouf jidderengem e passende Cadeau iwwerreecht.

D'Choralen vun Angelsbierg a Fëschbech schaffen zénter iwwert 10 Joërl enk zesummen, soudatt am Kader vun dëser gemeinsamer Generalversammlung och iwwert eng éventuell Fusioun vu béis Veräiner discutéiert gouf. Nodeems d' Memberen ofgestëmmt hunn ass festgehalen ginn, datt d'Grënne vun engem neie Veräin mat actualiséierte Statuten an d'A gefaasst soll ginn. Déi zwee Virstänn hunn den Optrag kritt sech an déi Richtung z'informéieren.

Mam Kucken vu Photo – a Videomaterial vun de leschten Activitéiten ass déi gemeinsam Generalversammlung op en Enn gaang.

Text: Chantal Conrad & Foto:Claude Malget



Compte rendu de la réunion communal du 16 décembre 2014

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Trausch, Daems, Haas-Erpelding

- 1)** Est approuvé le compte-rendu de la séance du 21 octobre 2014 (à l'unanimité).
- 2)** Est validé le résultat du référendum communal de Fischbach du 9 novembre 2014 au sujet d'une fusion des communes de Fischbach, Laroquette et Nommern (à l'unanimité) :
- Total des bulletins valables : 558
Votes affirmatifs / positifs : 133
Votes négatifs : 425
- Il en est conclu qu'une large majorité des électeurs de la commune de Fischbach s'est prononcée contre une telle fusion, ce qui implique la fin de la procédure entamée.
- 3)** Est approuvée la convention relative à la coopération de notre service de secours avec l'a.s.b.l. « RAGTAL », avec siège à L-6684 Mertert, 35, rue du Parc (à l'unanimité).
- 4)** Est approuvée la convention pour l'année 2015 entre la commune et le Forum pour l'Emploi dans le cadre du service « Bummelbus » (à l'unanimité).
- 5) a)** Est décidé **de rejeter conformément à l'article 14** de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, le projet de modification partielle du plan d'aménagement général de la commune de Fischbach, partie graphique et écrite, concernant des fonds sis à Angelsberg au lieu-dit « Auf dem Bechel » aux abords de la « rue de Schoos », présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Dewey Muller (à l'unanimité).

b) Est approuvé provisoirement le projet de modification partielle du plan d'aménagement général de la commune de Fischbach, partie graphique et écrite, concernant des fonds sis à Angelsberg au lieu-dit « Auf dem Bechel » aux abords de la « rue de Schoos », présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Dewey Muller (version du 16 décembre 2014) – à l'unanimité.

6) Est approuvé le décompte au montant de 1.140.482,21 EUR relatif au captage de la 2e source d'approvisionnement en eau potable au lieu-dit « Laangegrond » à Fischbach (à l'unanimité).

7) a) Suite aux remarques du contrôle de la comptabilité des communes, sont allouées pour l'exercice 2012 les subventions suivantes (à l'unanimité) :

300 EUR	Fédération des Corps de Sapeurs-Pompiers
-100 EUR	Amicale des Sapeurs-Pompiers vétérans
-250 EUR	Mariage Princier – Projets sociaux au Luxembourg
-30 EUR	Les amis du château de Laroquette
-250 EUR	Centre d'intervention Laroquette.

b) Sont allouées pour l'exercice 2014 les subventions suivantes (à l'unanimité) :

-30 EUR	Les amis du château de Laroquette
-250 EUR	Centre d'intervention Laroquette
-50 EUR	BBC Arantia.

8) Sont approuvés les comptes communaux de l'exercice 2012 (à l'unanimité).

9) Est avisée favorablement l'inscription de la ferme sise 6, rue Grande-Duchesse Charlotte, inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section A de Fischbach, sous le numéro 88/1063 et appartenant à Monsieur et Madame Jos et Alice Trausch-Huber à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux (à l'unanimité des membres votants).



10) Sont approuvés les devis au montant total de 36.000 EUR relatif à l'entretien de la voirie rurale dans la commune de Fischbach au lieu-dit « Schiechtegronn » à Fischbach et « Hannert de Gaarden/Schoofsonner » à Schoos (à l'unanimité).

11) Sont approuvés le projet de création du Parc Naturel « Mëllerdall » (étude détaillée et projet de règlement grand-ducal portant déclaration du Parc Naturel « Mëllerdall ») et le projet des statuts du futur syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel « Mëllerdall » (à l'unanimité).

12) Est décidé de ne pas financer le « Rock op der Héicht 2015 » pour les raisons que la manifestation n'est pas organisée sur le territoire communal et qu'un concept détaillé fait défaut (à 5 voix contre 1).

13) Est décidé d'inviter à nouveau la partie adverse de céder une emprise conformément à la convention y relative. En cas de refus, le collège échevinal pourra entamer les poursuites judiciaires nécessaires (à l'unanimité des membres votants).

14) Sont approuvés les devis suivants :

A) Aménagement d'un arrêt de bus à Schoos au montant de 50.000 EUR ttc (à l'unanimité) ;
B) Aménagement d'un parking sur le campus scolaire au montant de 120.000 EUR ttc (à l'unanimité) ;
C) Installation d'un chauffage pour le site scolaire à Angelsberg au montant de 314.954,64 EUR ttc (à l'unanimité) ;
D) Pose d'une conduite d'eau potable vers la « Schmëtt » à Fischbach au montant de 60.000 EUR ttc (à 5 voix contre 1). Sont approuvés les devis au montant total de 36.000 EUR relatif à l'entretien de la voirie rurale dans la commune de Fischbach au lieu-dit « Schiechtegronn » à Fischbach et « Hannert de Gaarden/Schoofsonner » à Schoos (à l'unanimité).

11) Sont approuvés le projet de création du Parc Naturel « Mëllerdall » (étude détaillée et projet de règlement grand-ducal portant déclaration du Parc Naturel « Mëllerdall ») et le projet des statuts du futur syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel « Mëllerdall » (à l'unanimité).

26

12) Est décidé de ne pas financer le « Rock op der Héicht 2015 » pour les raisons que la manifestation n'est pas organisée sur le territoire communal et qu'un concept détaillé fait défaut (à 5 voix contre 1).

13) Est décidé d'inviter à nouveau la partie adverse de céder une emprise conformément à la convention y relative. En cas de refus, le collège échevinal pourra entamer les poursuites judiciaires nécessaires (à l'unanimité des membres votants).

14) Sont approuvés les devis suivants :

A) Aménagement d'un arrêt de bus à Schoos au montant de 50.000 EUR ttc (à l'unanimité) ;
B) Aménagement d'un parking sur le campus scolaire au montant de 120.000 EUR ttc (à l'unanimité) ;
C) Installation d'un chauffage pour le site scolaire à Angelsberg au montant de 314.954,64 EUR ttc (à l'unanimité) ;
D) Pose d'une conduite d'eau potable vers la « Schmëtt » à Fischbach au montant de 60.000 EUR ttc (à 5 voix contre 1).

15) Est approuvé le budget rectifié de l'exercice 2014 (à l'unanimité).

TITRE	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.896.536,07	1.149.714,42
Total des dépenses	3.073.973,00	2.477.345,00
Boni propre à l'exercice	822.563,07	
Mali propre à l'exercice		-1.327.630,58
Boni du compte de 2013	2.586.020,94	
Boni général	3.408.584,01	
Mali général		-1.327.630,58
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.327.630,58	1.327.630,58
Boni présumé fin 2014	2.080.953,43	



16) Est approuvé le budget de l'exercice 2015 (à l'unanimité).

ČČČD	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.910.085,13	957.790,35
Total des dépenses	3.117.521,00	3.458.705,00
Boni propre à l'exercice	792.564,13	
Mali propre à l'exercice		-2.500.914,65
Boni du compte de 2014	2.080.953,43	
Boni général	2.873.517,56	
Mali général		2.500.914,65
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	2.500.914,65	2.500.914,65
Boni présumé fin 2015	372.602,91	

17) Divers (signatures).

Compte rendu de la réunion communal du 11 mars 2015

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Trausch, Daems, Haas-Erpelding

- 1)** Est approuvé le compte-rendu de la séance du 16 décembre 2015 (à l'unanimité).
- 2)** Est approuvé l'acte de cession du 6 octobre 2014 entre les communes de Fischbach et Mersch relatif à la cession d'une emprise de terrain d'une contenance de 7 ca, située à Angelsberg au lieu-dit « rue du Beringerberg » et inscrit au cadastre de la commune de Fischbach, section E, n° cadastral 133/1555 (à l'unanimité).
- 3)** Est voté pour l'exercice 2015 un crédit supplémentaire au montant de 10.000 EUR dans l'intérêt de l'article budgétaire 3/611/608112/99001, Electricité, 4, rue de Schoos à Angelsberg (à l'unanimité).
- 4)** Est voté pour l'exercice 2015 un crédit supplémentaire au montant de 23.000 EUR dans l'intérêt de l'article budgétaire 4/850/221312/13001, Eglise à Angelsberg, renouvellement du vitrage, de la façade et de l'entrée (à l'unanimité).
- 5)** Sont votés les subsides aux montants de 250 EUR pour la fédération régionale EST des Corps de Sapeurs-Pompiers du Grand-Duché de Luxembourg et de 50 EUR pour l'Union Grand-Duc Adolphe UGDA (à l'unanimité).
- 6)** Fixation des taux communaux pour l'année 2016 (à l'unanimité)

27

Impôt foncier	A : propriétés agricoles et forestières :	320 %
	B1 : Constructions industrielles et commerciales :	450 %
	B2 : Constructions à usages mixte :	450 %
	B3 : Constructions à autres usages :	450 %
	B4 : Maisons unifamiliales, maisons de rapport :	165 %
	B5 : Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation	500 %
	B6 : Terrains à bâtir à des fins d'habititations	600 %

Impôt commercial : Est décidé de fixer le taux de l'impôt commercial à 300%.

- 7)** Est approuvé le projet remanié des statuts du futur syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel du « Mëllerdall » (à l'unanimité).



Fäschber Gemengeblat

- 8) Est avisé favorablement le projet de gestion nationale de l'eau (zones d'inondation) constituant un élément principal de la directive-cadre sur l'eau (à l'unanimité).
- 9) Divers (signatures).
- 10) Point supplémentaire à l'ordre du jour (à l'unanimité) :
Est fixé un concept de remplacement de l'éclairage public en mode LED pour la période de 2015 à 2021 (à l'unanimité).


Projet : MAISON RELAIS ET CYCLE 1 à Angelsberg

(Situation au 1^{er} avril 2015)

Effectif des classes du cycle 1 pour les années scolaires 2014/2015 à 2018/2019

	ČČČČ-2015	ČČČD-2016	2016-2017	2017-2018	2018-2019
Précoce	14	23	15	17	...7
1.1	20	14	23	15	17
1.2	16	20	14	23	15
Total C1	50	57	52	55	...39

28



Feschber Gemengeblat

Historique

Version 1 / Modif. PAG

Septembre à décembre 2013 : Préparation du dossier pour l'extension du périmètre par le bureau d'études Dewey Muller en collaboration avec le bureau d'architecture Coeba s.a. et les services communaux.

23 décembre 2013 : Approbation provisoire du projet de modification du plan d'aménagement général (extension du périmètre) par le conseil communal

7 janvier 2014 : Le dossier de modification du PAG est transmis pour avis à l'Administration de l'Environnement

16 janvier 2014 : Le dossier de modification du PAG est transmis pour avis à la Commission d'Aménagement du Ministère de l'Intérieur

29 Janvier 2014 : Programmation du projet càd. : Définition du cadre, nomination des bureaux d'études

5 Mars 2014 : Visite des lieux à Angelsberg et réunion avec maison relais et le personnel enseignant

21 Mars 2014 : Réunion CE

1 Avril 2014 : Visite des lieux des MR Lorentzweiler et Nommern

3 Avril 2014 : Réunion MDDI Environnement avec M. Lahure

18 Avril 2014 : Réunion technique ST

30 Avril 2014 : Réunion de Travail CE, Maison Relais et corps enseignant

9 mai 2014 : Levée topographique a été réalisée par GEOLUX

9 Mai 2014 : Réunion avec les Ponts & Chaussées

14 Mai 2014 : Réunion CE

29

21 mai 2014 : Entretien téléphonique avec M. Lahure du MDDI qui invite la commune à élaborer un « manuel écologique » conformément à l'article 2.3 de la loi du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

Fin mai : Elaboration du « manuel écologique » par le bureau d'études Efor-Ersa

7 juin 2014 : Pas d'avis de la Commission d'Aménagement reçu endéans le délai de 4 mois prévu par la loi d'aménagement communal

8 août 2014 : Envoi du « manuel écologique » au MDDI

25 Septembre 2014 : Réunion CE

8 Octobre 2014 : Réunion AGE (Gestion de l'eau) à Diekirch

9 Octobre 2014 : Présentation de l'avant-projet sommaire au CE, Maison Relais et corps enseignant

16 Octobre 2014 : Réunion technique ST

24 octobre 2014 : Courrier reçu du Ministère de la Culture ordonnant des fouilles archéologiques sur le site

3 novembre 2014 : Réponse du Ministère de l'Environnement que selon article 6.3 une évaluation d'incidence approfondie n'est pas nécessaire. Toutefois, des modifications doivent être faites au projet de l'extension ponctuelle du PAG => nouvelle procédure de modification ponctuelle PAG

4 Novembre 2014 : Réunion avec l'ITM et les sapeurs pompiers de la commune

11 Novembre 2014 : Réunion avec M. Conter (Sécurité dans la fonction publique)



Version 2 / Modif. PAG

16 décembre 2014 : Arrêt de la procédure => Modification ponctuelle PAG, dossier version 1 (suite aux recommandations du MDDI, M. Lahure)

16 décembre 2014 : Approbation provisoire du 2^e projet de modification du plan d'aménagement général (extension du périmètre), dûment modifié par le conseil communal suivant les recommandations du MDDI

19 décembre 2014 : Le dossier (2^e version) de modification du PAG est transmis pour avis à l'Administration de l'Environnement

19 décembre 2014 : Le dossier (2^e version) de modification du PAG est transmis pour avis à la Commission d'Aménagement du Ministère de l'Intérieur

Vote Budget 2015 :

Aménagement d'un parking

Modification du chauffage de mazout en chauffage avec des copeaux de bois

Acquisition du terrain pour la construction

Travaux préparatoires pour le raccordement à la CREOS et les fouilles archéologiques

13 Janvier 2015: Réunion Ponts & Chaussées

23 Janvier 2015: Réunion technique ST

23 Janvier 2015: Autorisation de principe reçue par les P&Ch

26 Février 2015: Visite d'un chauffage pour copeaux en bois à Mompach

9 Mars 2015: Demande permission de voirie P&CH

13 Mars 2015: Demande de subside auprès du MDDI Environnement – copeau en bois

30

Remarque : Au fil de cette période beaucoup de réunions de travail ont eu lieu entre nos bureaux et toutes les démarches ont eu un suivi par courriel.

30 mars 2015 : Avis favorable de la CA (commission d'aménagement) du Ministère de l'Intérieur

Suivi prévu :

Fin avril: Vote définitif de la version 2 par le conseil communal et envoi du dossier pour approbation au ministère de l'Intérieur

Mai-Juillet 2015: Aménagement d'un parking

Modification du chauffage de mazout en chauffage avec des copeaux de bois

Acquisition du terrain pour la construction

Travaux de fouilles archéologiques

Demandes d'autorisations Commune, AGE, ITM, MDDI Environnement, Ministère de l'Education

Demandes de subsides AGE, Ministère de l'Education, Ministère du Développement rural

Demandes de subsides AGE, Ministère de l'Education, Ministère du Développement rural

Septembre – Décembre 2015: Travaux de préparation pour le raccordement CREOS

Soumissions publiques

Travaux de terrassements

2016 – sept. 2017: Travaux de la construction de la Maison Relais et du Cycle 1

À partir d'août 2017: Aménagement des alentours



Feschber Gemengeblat





Fäschber Gemengeblat